

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Abrëll 2021


Här President,


Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister an den Här Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Am Kader vun de Beméiunge fir der Lëtzebuenger Sprooch nees déi Plaz am deegleche Liewen ze ginn, déi hir zoukënnt, sinn d'Nimm vun Uertschaften a vu Stroossen dacks an der Diskussioun. De Schoulministère hat virun e puer Méint d'Initiativ eng Landkaart an der Nationalsprooch erauszeginn. Awer d'Garen hei am Land schéng systematesch exklusiv mam franséischen Uertsnumm bezechent ze ginn. An deem Kader wéilte mir dës Froen un d'Regierung riichten:

1. Gëtt et ronderëm d'Regierungsaktivitéiten ëm d'Lëtzebuenger Sprooch eng präzis Strategie, wat de Gebrauch vun Uerts- a Stroossennimm ugeet? Wa jo, wéi gesäit déi aus?
2. Ass séchergestallt, datt d'kartographescht Material beim Kadaster och an der Nationalsprooch opruffbar ass?
3. Ass bei der Kartographéierung vum Land duerch Google oder aner Zerwisser (z.B. vu GPS-Déngschtleschter) dës Problematik mat beduecht ginn? Huet d'Regierung sech an dem Kontext fir déi Lëtzebuenger Nimm a Bezeechnungen agesat?
4. Wéi wäit schwätzt d'Regierung bei parastaatleche Strukture a bei de Gemenge mat, wann et ëm d'Sprooch bei der Bezeechnung vu Plazen oder d'Beschrëftung vu Schëlde geet?
5. Intervenéiert d'Regierung bei den CFL a bei kommunalen Autobusbedreiwer fir d'Bezeechnung vu Garen an Arrêten op lëtzebuergesch ze encouragéieren?

Mat déiwem Respekt,

  
Fernand Kartheiser  
Deputéierten

  
Fred Keup  
Deputéierten